

## Evangelium vum Fest vum hellegen Apostel an Evangelist Johannes

[27. Dezember]

(Joer A - B - C)

### Joh 20,2-8

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*

A. *Dir all Eier, Här.*

- 2 Den éischten Dag vun der Woch  
ass d'Maria vu Magdala bei de Simon Péitrus gelaf  
a bei deen anere Jünger, mat deem de Jesus frou war,  
an si sot zu hinnen:  
"Et hunn der den Här aus dem Graf ewechgeholl,  
a mir wëssen net, wuer si hien higeluecht hunn!"
- 3 Dueropshi sinn de Péitrus an deen anere Jünger erausgaang  
a bei d'Graf komm.
- 4 Déi béid si mateneen dohi gelaf,  
ma deen anere Jünger ass méi séier gelaf wéi de Péitrus  
an ass als Éischte bei d'Graf komm.
- 5 Wéi hien sech eragebéckt huet,  
huet hien d'léngen Dicher do leie gesinn;  
hien ass awer net eragaang.
- 6 Du koum och de Simon Péitrus, deen him nokomm war,  
a giong an d'Graf eran.  
Hien huet d'léngen Dicher do leie gesinn
- 7 an d'Schweesdich, dat op dem Jesus sengem Kapp geleeën hat.  
Et louch awer net bei de léngen Dicher,  
ma zesummegerullt op enger anerer Plaz.
- 8 Elo ass och deen anere Jünger,  
deen als Éischte bei d'Graf komm war, eragaang;  
hien huet gesinn an huet gegleeft.

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*